LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Déclaration de politique étrangère et européenne, 27 octobre 2026

Et gëllt dat geschwatent Wuert

Här President, Dir Dammen an Häre Deputéiert,

Dëst ass meng drëtt Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik virun dëser Chamber.

An menger éischter Ried 2024 hunn ech iwwert déi nei Zesummesetzung an Opstellung an meng Kompetenzen am Ausseministère geschwat. Ech sinn op d'Wichtegkeet agaangen, d'Beräicher vun der Aussepolitik am Aussehandel méi no zesummenzeféieren. An och op d'Groussregioun an d'Entwécklungshëllef, déi jo och wichteg Bestanddeeler vum Ministère sinn.

D'lescht Joer an menger Ried, konnt ech Iech duerleeën, datt ee Land wéi onst, wat duerch den Multilateralismus lieft, duerch d'Relatiounen déi mir matt aneren hunn, Vertrauensrelatiounen muss kënnen opbauen.
Dëst souwuel matt existéierenden wéi och matt neien Partner.

Des direkt Kontakter, all déi perséinlech Interaktiounen, bei mengen bilateralen Visitten am Ausland oder zu Lëtzebuerg, sinn ganz wichteg Bausteng fir esou Vertrauensrelatiounen opzebauen an ze festegen.

Dëst ass besonnesch däitlech an dësen geopoliteschen turbulenten Zäiten wou Konflikter een direkten Impakt hunn op d'Inflatioun, op Energie- an Liewensmëttelpräisser fir d'Bierger an erhéichten Käschten fir Betriber zu Lëtzebuerg.

Den Echange haut matt Iech ass dofir- besonnesch an méi schwéieren Zäiten - vu grousser Wichtegkeet.

Well wann een d'Aktualitéit verfollegt, kritt een den Androck, datt mir :

- an enger ëmmer méi onsécherer Welt liewen,
- enger Welt déi sech konstant staark verännert,
- enger Welt wou och Konflikter ausserhalb vun onsen Grenzen - oder op mannst d'Repercussiounen vun dësen Konflikter- net un onsen Grenzen stoen bleiwen.

An Europa gesinn mir eng kloer Intensivéierung vum illegalen Agressiounskrich géint d'Ukrain. Et ass kee Krich dee wäit fort ass: mir gesinn an praktesch allen Länner vun der Europäescher Unioun eng zouhuelend Zuel vun hybriden Aktiounen. Et gëtt versicht, ons Gesellschaften ze destabiliséieren an ze splécken.

Méi wäit ewech, mee trotzdeem mat direkten Auswierkungen op d'lëtzebuerger Stéit an d'lëtzebuerger Betriber: de Konflikt tëscht den USA, Israel an dem Iran, d'Ugrëff vun den Houthi'en op Saudi-Arabien an déi ugespaanten Situatioun am Noen Osten. Dobäi kennt, dat d'international Handelsbezéiunge och ëmmer méi schwiereg ginn. An d'international d'Recht wat an Fro gestallt gëtt.

Lëtzebuerg ass, wéi Dir wësst, an engem groussen Ausmooss, vun dësem internationalen Kontext ofhängeg.

An enger Welt, déi ëmmer méi duerch Kräfteverhältnisser charakteriséiert ass, ass et dofir als éischt fir mech wichteg, ons nooste Partnerschaften ze stäerken - an dëst op politeschem, wirtschaftlechem an mënschlechen Plang. Ech wäert doropper agoen wann ech iwwert den Benelux, ons Nopeschlänner, d'Groussregioun, an d'EU schwätzen.

Mee doriwwer eraus ass eng Verstäerkung vum Dialog an eng Diversifikatioun vun onsen Partnerschaften weltwäit gradesou wesentlech. An och dorop wäert ech agoen wann ech – engersäits - vun der Verdéiwung vun onsen besteeënden Relatiounen schwätzen, an – anersäits- vum Opbau vun neien Kontakter. Mir mussen ons global méi breet opstellen.

Ech kucken elo ganz bewosst rop op d'Tribüne bei den résidenten Corps Diplomatique. An menger Amtszäit an der Regierung hunn zwou nei Ambassaden sech zu Lëtzebuerg etabléiert: Südkorea an Ruanda. Op dëser Plaz well ech dofir d'Ambassadeuren an Ambassaden hei zu Lëtzebuerg besonnesch begréissen an hir Mathëllef am Verdéiwen vun onsen bilateralen Relatiounen unerkennen.

Ons Effort'en mussen sech an der Kontinuitéit aschreiwen.

Lëtzebuerg muss fir aner Länner ee verlässlechen Partner bleiwen. Des bedeit vill Engagementer, vill op een aneren duer goen. Dat heescht och virun allem sech Zäit ze huelen fir d'Leit ze begéinen. Just fir Iech een Abléck ze ginn an meng rezenten Auslandsmissiounen: ech wor um Berlin Dialogue d'lescht Woch, d'nächst Woch ginn ech eng Wirtschaftsmissioun op d'amerikanescher Westküst maachen, dann den Sommet vun der Francophonie am Cambodge duerno eng Missioun an der Côte d'Ivoire, eng politesch an wirtschaftlech Visitt an Mexiko, an esou weider.....

***

Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert,

Wéi all Joer, fänken ech matt enger Iwwersiicht iwwert politesch Situatioun um internationale Niveau un, engem kuerzen Tour duerch d'Welt souzesoen: vun Nordamerika, iwwert Asien, an Zentral an Latäinamerika an Afrika.

Ech wollt dësen Tour awer ganz bewosst zu New York ufänken, ongeféier op der Héicht vun der 42. Strooss – an zwar beim Setz vun den Vereenten Natiounen. Dëst well onsen Engagement fir den Multilateralismus esou zentral ass. An well d'Rechtsstaatlechkeet an den Respekt vum internationalen Recht fir ons fundamental, ech géif esou guer soen liewenswichteg, sinn.

Dëst Joer, bei der Vollversammlung am September, war ech besonnesch houfreg.

Houfreg op Lëtzebuerg an houfreg op onsen Grand-Duc, deen sech bereet erkläert huet dëst Joer onst Land ze vertrieden an virun der UNO Vollversammlung ze schwätzen. D'Wierder iwwert Wichtegkeet vum Vertrauen, Säin Wonsch fir essentiel Vertrauensrelatioun tëschent Persounen an Natiounen an awer och den Rappel vun der Noutwendegkeet vun Vertrauen als Startpunkt fir d'international Gemeinschaft mateneen ze schaffen an gemeinsam Léisungen ze fannen, hunn eng staark Resonanz fonnt.

Bis Enn des Jores soll am Prinzip och den Numm vum neien UNO -Generalsekretär bekannt sinn, d'Nofolleg vum António Guterres. Informell Konsultatiounen ginn am Moment ënnert den Sécherheetsrotmemberen gefouert. Et geet drëm eng Perséinlechkeet ze fannen, déi eng breet Ënnerstëtzung am Sécherheetsrot huet, an d'Vertraue vun der ganzer Memberschaft vun der UNO ka gewannen. Et ginn am Moment 7 Kandidaten dovunner 5 Fraen. Positiv ass, datt esou vill staark Profiler an der Course sinn. Si all hunn hier Mérites. D'international Gemeinschaft brauch ee staarken Leadership, deen Brécke baue kann, de Multilateralismus stäerkt, an d'Prinzipie vun der Charta vun de Vereenten Natiounen verdeedegt. Fir mech wier et sécherlech ze begréissen wann dësen wichtegen Posten, méi wéi 80 Jore no der Grënnung vun der Organisatioun, an Zukunft vun

enger Fra besat géif ginn. Deen nächsten Generalsekretär oder déi nächst Generalsekretärin wäert eng zentral Roll spillen, fir den Dialog och an schwieregen Zäiten oprecht ze erhalen.

Ech bleiwen an Nordamerika an kommen op d'transatlantesch Relatiounen.

Loosst mech et ganz kloer soen: D'Relatioune mat Amerika bleiwen wichteg. Si verdéngen och dowéinst all ons Opmierksamkeet an Energie. Lëtzebuerger verbënnt eng historesch Frëndschaft matt den USA, ugefaangen matt der Emigratioun am 19. Joerhonnert an dem Ufank vun onsen diplomateschen Relatiounen am Joer 1903. D'Affer vum zweeten Weltkrich fir d'Befreiung vun Lëtzebuerg vun engem totalitären Nazi-Régime wäerten mir ni vergiessen! Des déif Verbonnenheet ass nom zweeten Weltkrich gewuess an huet säitdeem ons politesch, wirtschaftlech an Defense Relatiounen matt definéiert.

Fir Lëtzebuerg bleift Amerika en wichtegen Alliéierten, de gréisste Member an der NATO, onsen drëtt- wichtegsten Handelspartner, e Partner fir Innovatioun an ee Virreider an neien Technologien.

Mee jo, ech streiden et net of. Déi Mise à jour vun onse Relatiounen ass och alt emol ustrengend. Déi lescht 12 Méint waren net einfach. D'Relatioun matt Amerika ass fir ons Lëtzebuerger matt enger grousser Emotionalitéit verbonnen an léisst ons dofir net kal. Mir sinn ons net ëmmer eens, mir schwätze villes an der EU a mat onsen europäesche Partner of, wéi mir et sollen ugoen. Mee och wann et aus der Distanz gekuckt emol heiansdo héich hiergeet, ginn et och vill Momenter, wou mir mierken, dat béid Säiten openaner ugewise sinn.

Och d'Relatioun tëscht Europa an USA verännert sech, mee se bleift staark. D'USA hunn zu Recht gefuerdert datt mir Europäer méi Responsabilitéiten fir ons eegen Sécherheet huelen an dat maachen mir och, notamment am NATO Kontext an wann et drëm geet d'Ukraine z'ënnerstëtzen. Lëtzebuerg an déi aner europäesch Partner schaffe mat vill Energie an Asaz dorunner, dat eng moderniséiert transatlantesch Relatioun weiderhin zolitte bleift. Duerch den Turnberry Accord konnt eng Léisung mat den USA fonnt ginn a méi Stabilitéit antrieden. Aktuell schaffen mir op béide Säiten dodrunner, fir den Accord ëmzesetzen. An ech hoffen och dat et dobäi bleift.

Dëst ass och wichteg am Kontext vun der Verdéiwung vun onse Relatiounen mat den USA och am Aussehandel, am Suivi vun der Visitt déi ech d'lescht Joer am Dezember mam Minister Delles op

der Westküst gemaach hunn an wou ech och déi nächst Woch wäert weider Kontakter an Südkalifornien matt Entreprisen hunn. Nodeems mir ons Konsulater zu New York an San Francisco personalméisseg opgestockt hunn, schaffen mir och elo un der Ouverture vun engem weideren Generalkonsulat zu Austin, am Texas.

Kanada ass ee Partner an Alliéierten. E Land wat méi mat Europa well zesummeschaffen, sief et an der Wirtschaft, an de Finanzen, an der Defense oder an der Ënnerstëtzung vun der Ukrain. D'Ouverture vun onser Ambassade zu Ottawa weist d'Plus-Value vun der Extensioun vun onsem diplomateschen Reseau. Et komme méi Kontakter tëscht Entreprisen an der Finanzwelt zustanen; an och um politesche Plang huet dat seng positiv Repercussiounen. Nieft mengen Kontakter matt der Ausseministesch Anand, haten mir eng Visitt vun onsem Premier zu Ottawa am Februar an den Besuch vum kanadeschen Defenseminister zu Lëtzebuerg am Juni dëst Joer.

***

D'Relatioune mam asiateschen Kontinent verdéiwe sech. Asien, dat ass iwwert d'Hallschent vun der Weltbevëlkerung a ronn en Drëttel vum weltwäite Bruttoinlandsprodukt, mat engem duerchschnëttlechem Wirtschaftswuesstum vun 5%.

Des Verdéiwung ass och ee kloert Resultat vun der Erweiderung vun onsem diplomatesche Reseau: mir hunn an den leschten Joren eng Ambassade zu Seoul an zu Singapur opgemaach. An da gëtt och vun onse Partner honoréiert.

Mee och ons diplomatesch Präsenz sur Place geet net duer – als Politiker mussen mir och dohinner goen. Jo, et ass wäit, mee et ass derwäert ! D'lescht Joer hunn an deem Sënn eng Rei wichteg Reesen an Asien stattfonnt: Japan (Weltausstellung), China, Indien, Südkorea, Singapur, Philippinnen.

D'EU-Handelspolitik mat onse Partner an Asien – an och ons politesch Relatiounen - sinn och am Kontext vun der Diversifikatioun ze gesinn, déi iwwert déi Relatiounen déi mir matt onsen traditionelle Partner hunn, erausginn. D'ASEAN ass eng Organisatioun mat 11 südostasiatesche Länner, déi op regional Kooperatioun setzt - an déi och sech doduerch als e privilegéierten Interlocuteur fir d'EU ubidd. Ech war am Juli op de 50ten Anniversaire vum "ASEAN Treaty of Amity

and Cooperation" zu Manila op de Philippinnen, wou ech och eng Rëtsch bilateral Entrevue matt den Partner an dëser Regioun konnt hunn. D'Defien, déi sech ons an Europa an uechtert d'Welt insgesamt stellen, kënne mir just ugoen, wa mir och mat onse Partner anerwäerts schwätze, respektiv och e bessert Verständnis fir hir Defien an hir Perspektive kréien.

Ech gesinn Asien insgesamt als een Kontinent, matt deem mir als EU an als Lëtzebuerg verstäerkt sollen zesummen schaffen. An och wat eenzel Länner ubelaangt, sinn ech frou datt ons Relatiounen signifikativ an den leschten Joren gewuess sinn.

Ugefaangen, an Japan, matt der gelongener Weltexpo zu Osaka wou ech am Oktober 2025 op d'Ofschlossfeier war. Et war ee bedeitenden Moment. An ech sinn houfreg op onsen Pavillon Dokidoki, deen - mengen ech - e grousse Succès wor.

An deem Sënn plangen ech och am Mee 2027 bei der Yokohama Green Expo am Kader vum lëtzebuerger Dag a Japan ze sinn, wou onsen Rousen-Patrimoine wäert am Mëttelpunkt stoen.

2027 feieren mir och 100 Joer diplomatesche Relatiounen matt Japan. An och wann ons Relatiounen schonn 100 Joer bestinn, ass Japan een vun onsen modernsten Partner an Asien, wann een un all déi Domainer denkt an deenen mir schonns zesummeschaffen.

Matt Südkorea feieren mir 2027 den 65ten Gebuertsdag vun onse diplomatesche Relatiounen. Duerch den Koreakrich bei deem Lëtzebuerg deemools 85 Zaldoten geschéckt hat an der 2 hiert Liewen gelooss hunn, verbënnt ons och matt dësem Land vill. Ech erënneren mech nach, deemools an menger Funktioun als Premier Minister, un mäin éischten offiziellen Besuch zu Seoul 2018. An ech sinn frou datt knapp 8 Jore méi spéit- am September 2025, een Joer no der offizieller Inauguratioun vun onser Ambassade zu Seoul, mir hei eng koreanesch Ambassade konnten aweien.

Indien, ass een anert Land wou mir ons Relatiounen konnten däitlech verdéiwen, dat op Basis vun méi Echangen op allen Niveaue. D'Visite, op Lëtzebuerg, am Januar 2026 vum indeschen Ausseminister Jaishankar ass een weider Zeechen vun der Verdéiwung vun onsen Relatiounen.

Am Juni, *en marge* vun der VivaTech zu Paräis, an och elo nach zu Berlin d'lescht Woch hat ech gudd Kontakter mam indeschen Handels- an Industrieminister Piush Goyal. Ufanks September war ech och zesummen mam Wirtschaftsminister Delles zu Delhi an Chennai.

Mir hunn säit iwwer 20 Jore eng Ambassade zu Delhi an mir plangen och elo ons Präsenz an dësem wichtegen Land duerch een Consulat général zu Mumbai ze erweideren.

Wann een iwwert Asien schwätzt, dann geet dat net ouni iwwert China ze schwätzen. Och matt deem Land verbannen ech vill positiv Erënnerungen. Erënnerungen och un vill Echangen matt chineeseschen Politiker, offen Echangen, an ech mengen och datt dësen Dialog nach weider muss stattfannen. Et ass net ëmmer een einfachen Dialog, mee een noutwendegen. Dëst och am Interêt vun den zukünftegen Generatiounen, wann ech zum Beispill un déi grouss Erausfuerderungen vun onser Zäit - wéi d'Klimakrise – denken.

China ass ee wichtegen Acteur deen nach weider un Gewiicht wäert gewannen, net nëmmen an der Energietransitioun, mee och fir ons Finanzplaz. An deem Kontext situéieren sech och ons Virbereedungen fir d'Opmaachen vun engem Generalkonsulat zu Hongkong.

China ass a bleift e wichtege wirtschaftleche Partner. Gläichzäiteg muss ee feststellen dat den europäeschen Handelsdefizit mat China an de leschte Joren enorm an d'Luucht gaangen ass. An deem Kontext ass et also wichteg fir Europa d'Handelsbezéiungen mat China z'equilibréieren. Dobäi muss d'EU, menger Meenung no, verstäerkt op een konstruktiven an zilgeriichten Dialog mat China setzen.

Fir mech ass d'Diplomatie grad do wichteg wou een Brécken bauen muss, déi heiansdo eng méi komplex an komplizéiert Statik an Zesummesetzung hunn.

***

Am Hibléck op déi global Erausfuerderunge gëtt Latäin a Süd-Amerika och ëmmer méi een strategeschen Partner fir Europa. Mir schätzen den Dialog mat vertrauenswürdege Partner, matt Partner déi eng gemeinsam Visioun fir d'Zukunft hunn.

Virun 5 Méint, am Juni, haten mir mam Ausseminister Mauro Vieira déi alleréischt bilateral Visitt vun engem brasilianeschen Ausseminister zu Lëtzebuerg. Et war d'Geleeënheet fir déi laangjäreg Partnerschaft tëscht onse béide Länner, déi op enger gemeinsamer Geschicht, gemeinsame Wäerter an enke mënschleche Verbindunge baséieren, z'ënnersträichen. Déi wuessend Diasporaen, dorënner iwwer 34.000 Lëtzebuerger a Brasilien, bréngen ons béid Länner nach méi no. Ech erënneren an deem Kontext och un ons Pläng fir e Generalkonsulat zu São Paulo opzemaachen, fir d'bilateral Relatiounen an d'lëtzebuerger Präsenz a Brasilien weider ze stäerken.

Och d'Relatiounen tëschent der Communautéit vun de latäinamerikaneschen a karibesche Staaten (CELAC) an der EU verdéiwen sech. Ech war d'lescht Joer am November um Sommet an Kolumbien. An ech war och frou des Dynamik bei der EU-CELAC Ministérielle zu New York am September nees kennen ze gesinn.

Zanter leschtem Joer huet d'EU Kommissioun och hei vill Efforte gemaach, ënnert anerem duerch déi provisoresch Uwendung vum Mercosur-Accord, mee och d'Ënnerschréft vum Accord mat Mexiko.

Ech plangen och an den nächsten Wochen eng Rees a Mexiko fir de politeschen an wirtschaftlechen Dialog ze verdéiwen an d'bilateral Relatiounen tëscht Lëtzebuerg a Mexiko weider ze stäerken.

***

D'Situatioun am Mëttleren Osten bleift och weiderhin zudéifst beonrouegend an markéiert duerch eng grouss Volatilitéit.

Stéchwuert 2 Staaten Léisung. Mat 9 anere Länner huet Lëtzebuerg virun méi wéi engem Joer Palästina unerkannt. Dëst war e wichtege Schrëtt. Ee Schrëtt deen menger Meenung deen wichtegsten fir Fridden an der Regioun. Dëst ass och d'Konklusioun, déi ech zeien aus mengen sëllechen Gespréicher zu New York, meng Kontakter matt Länner aus der Regioun, matt Uno-

Hëllefsorganisatioun an virun allem och matt Vertrieder aus der israeelescher an palestinensescher Zivilgesellschafte. D'Perspektiv vun enger friddlecher Zukunft fir déi zwee Länner muss do sinn.

Mee mir géifen gären méi Impakt um Terrain gesinn. Leider gëtt mir do den aktuellen politeschen Kontext net vill Hoffnung.

D'israeelesch Walen déi haut stattfannen, wäerten ze kengem komplette Kurswiessel féieren. Mee mir hoffen op eng Regierung déi bereet ass sech ob en Dialog anzeloossen an bereet ass international Standarde ze respektéieren.

Wat d'Palästinensesch Autoritéit ugeet, verstinn mir datt d'aktuell Situatioun extrem komplex ass. Mee mat den Gemengewalen vun Abrëll 2026 hunn mir gesinn datt et och an schwieregen Konditiounen um Terrain, méiglech ass Walen ze organiséieren. D'Palästinenser hunn sech lëscht Joer an der New York Deklaratioun engagéiert Walen ze halen. Sie mussen hier Engagementer fir Parlamentswalen honoréieren, sou wéi mir ons Engagementer honoréieren. D'Verleeën vun den Walen vun engem ganzen Joer ass inakzeptabel. Mir schwätzen hei vun den éischten Walen säit méi wéi 20 Joer. Fir mech kann et net sinn datt eng Persoun déi haut 38 Joer al ass nach ni konnt wielen goen!! Des Walen sinn wichteg fir d'Vertrauen an d'Administratioun an d'Politik ze retabléieren. Dëst souwuel fir d'Bevëlkerung wei och fir d'international Gemeinschaft. Mir maachen dës op EU – Niveau mee ech ginn dësen Message onsen palästinenseschen Partner och bilateral weider.

Lëtzebuerg ass och bereet un enger EU Walbeobachtungsmissioun an Palästina ze participéieren. Déi palestinensesch parlamentaresch Walen mussen an der nächster Zukunft ofgehale ginn.

D'Situatioun a Gaza ass weiderhin dramatesch mat, am Duerchschnëtt 100 Doudeger pro Mount, Blocagen vun humanitär Hëllef an d'Ausbreedungen vun Krankheeten. Mir bedaueren staark dat international Medien nach ëmmer keen Zougang an de Gazasträifen hunn an datt séit Ufank vum Krich iwwert 200 Journalisten do ëmkomm sinn. Et kann een kloer soen, den Waffestëllstand fir Gaza vun Oktober 2025 gëtt net respektéiert an déi 2. Etapp vum Friddensplang huet, wéi schonns d'lescht Joer gefaart, nach vill Hürden virun sech. An dësem Kader setzen mir ons weider fir ee permanenten désarmement vun der Hamas an, an datt Israel seng Engagementer respektéiert .

D’UNRWA mee och aner Hëllefsorganisatiounen sinn an dësem desastréisen humanitären Kontext essentiel fir d’palästinensesch Bevëlkerung, an ons Ënnerstëtzung muss weiderlafen.

Zedéifst beonrouegend ass dann och d’Situatioun am Westjordanland: d’Expansioun vun der Siidlungspolitik vun Israel sou wéi och vun der Gewaltbereetschaft vun verschiddenen israeeleschen Siidleren vis-à-vis den Palästinenser (an och géint Journalisten, Entwécklungshëllefer an Diplomaten) schockéiert mech. Dëst däerf net ze enger neier Normalitéit ginn.

Fir mech war och d’Annonce vum den Offeren fir den E1 Plang dëse Summer een Zeechen datt déi aktuell Regierung net vir huet, hiren Kurs ze änneren, wat d’Expansioun vun den Siidlungen ugeet déi dann d’Zwee-Staate-Léisung de facto onméiglech maachen. Ech hunn dat och kloer condamnéiert. Do kann een d’Aen net méi zou maachen.

Wéi Dir wësst, hunn ech mech laang fir Mesuren op EU Niveau agesat fir den Import vun Produkter aus dësen illegalen Siidlungen ze verbidden. Esou Mesuren op EU Niveau bleiwen och weiderhin ons kloer Präferenz, well eng gemeinsam Aktioun op EU Niveau am meeschten Impakt hätt. Dëst hunn ech an dëser Chamber och bei der Orientatiounsdebatt virun 2 Wochen gesot.

Am Juli, bei den EU-Ausseminister, ass awer däitlech ginn, datt mir keng Majoritéit am Conseil hunn fir d’Kommissioun dozou ze bréngen eng Propose an deem Sënn ze maachen. An dofir huet Lëtzebuerg decidéiert säin nationalen legalen Kader z’adaptéieren fir direkt Wuerenimporter aus Siidlungen aus dem besaten palestinenseschem Gebitt, kennen ze verbidden. Dëst sinn keng Sanktiounen géint Israel. Et wäerten cibléiert Mesuren sinn, wou mir conforme zum Avis vun der Cour de Justice internationale vun 2024, e konkreten Schrëtt huelen fir des illegal Siidlungspolitik net ze ënnerstëtzen. Cibléiert op Gidder aus bewisener moossen illegal Occupatioun am Westjordanland. Fir et bildlech ze maachen: Dattelen, Oliven an Orangen aus dësen illegale Kolonien dierfen net méi importéiert ginn, fir se duerno an onse Supermarchéen an Epicerien ze verkafen.

Kritesch Stëmmen wäerten soen datt dëst just Symbolpolitik ass. Mee fir mech ginn mir den Palästinenser, déi am Westjordanland hiren Terrain an domat oft hier eenzeg Akommesquell

ofgeholl kruten, Hoffnung. Hoffnung datt si net aleng do stinn an Zouversicht datt si Partner hunn déi sech och nach weiderhin fir si asetzen.

Et däerf een den Libanon och net vergiessen. Des Land ass séit Joerzéngten geplot vun internen wei och externen Attacken. Déi israeelesch militäresch Präsenz am Süde vum Libanon an Attacken op UN Blohelmer, souwéi och d'Attacken vun der Hezbollah, sinn eng Violatioun vun internationalem Recht. D'Ënnerschreiwen vun engem Accord tëschent Israel an Libanon am Juni ass dofir - trotz Rejet vun der Hezbollah – ee Liichtbléck .

D'EU - an och Lëtzebuerg - si bereet dem Libanon an dëser wichteger Transitiounsphase zu Séit ze stoen matt enger EU zivil-militärescher Missioun mam Zil intern Sécherheetskräften ze beroden, sou wéi dat am Oktober vun den Ausseministere beschloss gouf.

Ech wëll awer och eppes Positives mat Iech Deelen. Dëst Joer war ech ze Paräis derbäi wei den Libanon, no groussen Reformen, en historeschen Schrëtt ugekënnegt huet, als éischt arabescht Land Doudesstrof ofzeschäffen. Des ass genau den Courage den mir an dëser Welt brauchen an ënnerstëtzen wëllen.

Loosst mech elo ob en aneren Deel vun der Regioun kommen, den ons séit Ugangs vun dësem Joer beschäftegt an duerch d'Eskalatioun an d'Onstabilitéit desastréis Impakter weltwäit huet.

D'Attacken, déi d'USA an Israel den 28. Februar géint den Iran duerchgefouert hunn, an déi zënterhier eng Successioun vun géigesäitegen Attacken mat sech bruecht hunn, hunn an der ganzer Regioun an driwwer eraus eng grouss Destabiliséierung verursaacht an zu Honnerten Doudeger gefouert.

Des Krise huet och Europa direkt impaktéiert. Net nëmmen duerch steigend Pëtrolspräisser mee och mat Frappen op Zypern. An Ugangs vum Krich souzen ronn 500.000 europäesch Staatsbierger am Mëttleren Osten fest. D'Rapatriementer vun onsen Staatsbierger an Residenten sinn gudd verlaf, och am Kader vun der EU Solidaritéit.

Déi rezent Houthi-Attacken op Saudi-Arabien stellen eng besuergneserreegend Entwécklung duer, an ech hunn meng Solidaritéit mat Saudi-Arabien an den Affer vun den Attacken ausgedréckt.

An dësem Kontext bleiwen ech an enkem Kontakt mat mengen Kolleegen aus der Regioun, mir haten den Ausseminister vun den Vereenten arabeschen Emiraten op Visitt am Summer an ech hunn mech och mat allen arabeschen Ambassadeuren getraff. Zu New York op der UNO Vollversammlung hat ech nach weider Kontakter matt praktesch all den Ministeren aus der Regioun. Dës diskreet diplomatesch Engagementer si wichteg an wëll ech weider oprechterhalen.

Lëtzebuerg wäert an den kommende Méint d'Echangen mat den Golf Staaten och verdéiwen, dëst ënnert anerem mat verschiddenen héichrangegen Visitte déi an d'Regioun geplangt sinn.

Ons Participatioun an der Weltexpo 2030 zu Riad, ass an dësen onsécheren Zäiten fir d'Golf Länner och en Zeechen vun Vertrauen. Ech sinn frou dass Paulette Lenert als Commissaire Générale onsen Projet wäert ëmsetzen.

D'Onstabilitéit vun Hormuz an Bab el-Mandeb weist däitlech, wéi staark d'Weltwirtschaft vun enger Handvoll strategeschen maritimmen Passagen ofhänkt.

Et geet hei och em d'Sécherheet an d'Fräiheet vun den maritimmen Handelsweeër, well Stéierungen vun dësen Passagen hunn direkt Auswierkungen op Energie-; Dünger an Liewensmëttelpräisser, och fir lëtzebuerger Konsumenten an Betriber.

Et däerf een awer net vergiessen, ons Partner am "globalen Süden" sinn duerch des Engpäss nach mei betraff wei mir, besonnesch wat de Mangel un Dünger ugeet. De Welternärungsprogramm vun der UNO fäert, datt d'Zuel vun de Leit, déi akut Honger erliewen, ëm 45 Milliounen kéint eropgoen, vun 318 Milliounen op 363 Milliounen, wann de Konflikt weidergeet, dëst haaptsächlech wéinst den méi héijen Ueleg- a Transportskäschten an de Liewensmëttelpräisser.

Ukraine

Haut sinn, wann ech mech net verzielt hun, 1706 Deeg säit dem Ufank vun der grouss ugeluechten Invasioun géint d'Ukraine. 1706 Deeg wou d'Land an d'ukrainesch Bevëlkerung sech verdeedegt géint een illegalen russeschen Ugrëff.

Och d'europäesch Politik ass zanter iwwer véier an een Halleft Joer vun dësem Krich gezeechent.

D’Tentative vun Moskau een onofhängegt Land ze zerstéieren, geet géint Grondprinzippien vun der UNO Charta. Et geet hei och em de Fundament vun onser gesamteuropäescher an transatlantescher Sécherheet.

Natierlech wëllen mir all dësem Krich een Enn setzen, an sécherlech wëllt keen dat méi wéi d’Ukrainer selwer. D‘Ukrainer déi schonn méi wéi 4 Jore ënnert de Bommen an den Droneattacken mussen liewen. An engem Krich deen geziilt op zivil Affer an zivil Infrastrukturen ausgeriicht ass, fir de Leit hiren Wellen ze briechen. Ee Krich bei deem Russland - an virop den President Putin - et zu all Moment an der Hand hunn fir en ze stoppen.

Och wann d’Enn vum Krich um Verhandlungsdësch muss geléist sinn, mussen mir sécher sinn datt des Verhandlungen och zu engem dauerhaften an gerechten Fridden féieren. An dat wäert just den Fall sinn wann Russland d’Souveränitéit vun sengem Nopeschland unerkennt.

D‘international Recht duerf net matt Féiss getrëppelt ginn. Et geet och drëm Rechenschafft z’assuréieren – ech weess dat dëst och een wichtegt Uleies vun dëser Chamber ass- déi ons Adhésioun un den Accord de gestion vum Tribunal spécial pour le crime d’agression contre l’Ukraine eestëmmeg matgedroen huet.

Ons Ënnerstëtzung fir d’Ukraine ass konstant, konsequent an wäert weidergoen: finanziell an militäresch Hëllef, humanitär Hëllef, politesch an mënschlech Hëllef duerch d’Coalition of the Willing mee awer och duerch déi international Koalitioun fir den Retour vun den ukraineschen Kanner. Mir hunn keng resident Ambassade zu Kyiv, mee nodeem d’Ukraine laang Joren vun onser Ambassade zu Prag ofgedeckt gouf, hunn ech säit dem Summer een *Ambassadeur non-résident* matt Setz zu Lëtzebuerg noméiert. Dësen Ambassadeur wäert oft an d’Ukraine sinn, mee seng Präsenz hei zu Lëtzebuerg erlaabt och een Optiméieren vun den Koordinatiounsefforts vun onser Ënnerstëtzung fir d’Ukraine.

Mir begréissen och d’Zousoen vum Präsident Selensky datt hien, trotz dem Krich, bereet ass, Walen z’organiséieren. Mee dofir brauch hien een Waffestëllstand vun 60 Deeg.

***

Och um afrikanesche Kontinent setzen mir op Dialog, verdeedegen den Multilateralismus an den Respekt vun universelle Wäerter.

Afrika ass en heterogene Kontinent, deen nach ze dacks reng duerch de Prisma vu Konflikter a Krisen betruecht gëtt. Dobäi ass de Kontinent vill méi wéi dat: e Kontinent vu Potential. Genee dofir begleede mir ons Partner dobäi, Perspektive fir Fridden, Stabilitéit a Wuelstand ze schafen.

Äthiopien, als Sëtz vun der Afrikanescher Unioun, bleift e Partner fir Lëtzebuerg. Gläichzäiteg bleift d'Sécherheets- an d'humanitär Situatioun am Land fragil.

De Konflikt zu Tigray am Norden vun Äthiopien ass nees ausgebrach, wat d'Spannungen tëscht Äthiopien an Eritrea ëmmer méi staark mécht an de Spillraum eng diplomatesch Léisung an dësem Kontext ass net ganz grouss. Mir mussen dofir weider op den Dialog ze setzen, fir eng Eskalatioun an eng méiglech Regionaliséierung vum Konflikt um Horn vun Afrika ze verhënneren. Lëtzebuerg setzt sech weider fir de Schutz vun der Zivilbevëlkerung an den humanitären Akteuren, den ongehënnerten humanitären Zougang an de Respekt vum internationale humanitäre Recht an.

De Konflikt am Sudan bleift déi gréissten vergiessen humanitär Kris um globale Plang. Hongersnout, verbreet sexuell Gewalt a schwéier Verstéiss géint dat internationaalt humanitäert Recht. Lëtzebuerg engagéiert sech weiderhin fir Hëllef ze leeschten, a setzt sech gläichzäiteg fir e Waffestëllstand an eng nohalteg politesch Léisung an.

Dës Krise ginn et, mee däerfen ons awer net dozou verleeden, Afrika ausschliisslech duerch de Prisma vu Konflikter an humanitären Noutsituatiounen ze gesinn. Mat senger jonker a dynamescher Bevëlkerung, séier wuessende Wirtschaften an enger ëmmer méi innovativer Entrepreneuriatslandschaft ass de Kontinent ee vun de grousse Gestalter vun de globale Léisungen vu muer.

Dëst Potential wëlle mir och an onser Aussepolitik nach méi staark berécksiichtegen. Dofir wäert Lëtzebuerg seng diplomatesch Präsenz an Afrika ausbauen an plangt, wéi scho ugekënnegt, an de kommende Joren zwou nei Ambassaden am Kenia an a Südafrika opzemaachen fir dat östlech an südlecht Afrika besser ofzedecken.

Dobäi bleift ons Approche déi selwecht: Partnerschaften op Aenhéicht, een breeden Dialog an d'Ënnerstëtzung vu lokale Léisungen.

Afrika ass e Kontinent am Wandel, dee mat Ambitioun, Innovatioun a wirtschaftlecher Dynamik no vir kuckt. An dësem Sënn reesen ech nächst Woch an d'Côte d'Ivoire, e Land dat fir dës positiv Dynamik steet, déi haut a ville Regioune vum Kontinent ze gesinn ass. Trotz Erausfuerderungen huet d'Land an de leschte Joren e bemierkenswäerte wirtschaftleche Wuesstem erlieft. Dës Entwécklung weist, datt Afrika haut net méi nëmmen mat Entwécklungshëllef a Krisemanagement verbonnen ass, mee och mat Investitiounen, Innovatioun a wirtschaftleche Chancen. Ons Approche fir ons Partnerschaften muss sech un dëser Entwécklung inspiréieren.

Cabo Verde, ass ee gudd Beispill vun enger laangjäreger Vertrauensbezéihung, déi matt der Zäit evoluéiert huet. Mir begréissen d'Diversifikatioun vun dëser Bezéiung a bleiwen engagéiert, fir dës positiv Dynamik och mat der néier Regierung weiderzeféieren, sou wéi ech dat virun net manner wéi engem Mount och mam Ausseminister konnt beschwätzen.

Net ëmmer geléngt esou eng positiv Entwécklung. Wéi dir wësst, huet Lëtzebuerg sech d'lescht Joer aus dem Sahel zeréckgezunn an eng Reorientatioun vu sengem Engagement ugekënnegt. Dat bedeit awer net, datt mir ons komplett vun der Regioun ofgewannt hätten. Mir suivéieren weiderhin déi politesch Entwécklunge. An mir bleiwen virun allem iwwer ons Zesummenaarbecht mat ONGen an den UNO's Akteuren un der Säit vun de lokale Bevëlkerungen.

Verlässegkeet, Previsibilitéit a laangfristegt Engagement sinn wesentlech Elementer vun enger credibeler Partnerschaft . Politesch Instabilitéit däerf net dozou féieren, Bevëlkerungen am Stéch ze loossen.

Gläichzäiteg musse mir realistesch bleiwen, wat onsen Handlungsraum um Kontinent ugeet. Ons Bezéiunge mat Afrika däerfen net vu veraalte Narrativer gepräägt sinn, déi de Kontinent entweder duerch Krisen oder duerch seng Hëllefsbedürftegkeet definéiert. Wichteg bleift eng politesch Approche op Aenhéicht, gegrënnt op géigesäitege Respekt, op d'Verdeedegung vun onse Wäerter. An e gemeinsame Bléck op Muer, wann net souguer op Iwwermuer.

***

Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert,

Ech hunn et schonns gesot am Ufank: D'Verdeedegung vun onsen nationalen Interesse geet Hand an Hand mam Schutz an der Stäerkung vun dëser multilateraler Uerdnung, déi de Moment ënner Drock steet an am Wandel ass. Wéinst onser staarker Verbonnenheet mam Multilateralismus an mam Respekt vum internationalen Recht dréit Lëtzebuerg eng besonnesch Responsabilitéit.

An deem Sënn steet Lëtzebuerg un der Säit vum Internationalen Strofgeriichtshaff (CPI). D'CPI huet eng wesentlech Roll bei der Verfollgung vun de schwéiersten Verbriechen vun der internationaler Gemeinschaft. Si ass een fundamentale Pilier vun der internationaler strofrechtlecher Justiz, entscheedend am Kampf géint d'Stroflosegkeet. Dofir muss d'Fäegkeet vum Geriicht, säi Mandat voll auszeüben, erhalen bleiwen.

Dës Fro hunn ech och zesummen matt den Benelux Kolleegen am leschten EU-Ausseministerrot opbruecht. Do virdrun, een Dag nodeems d'amerikanesch Sanktiounen ugekënnegt goufen, gouf et och schonn eng EU-Erklärung, déi d'Noutwendegkeet vun enger koordinéierter Äntwert vun allen 27 Memberstaaten ënnerstrach huet, fir d'Autonomie vun der CPI ze garantéieren an dobäi diplomatesch Kanäl oppe ze halen. Dëst entsprécht der Grondpositioun vun ons an der EU, datt Bedrohungen oder Moossnamen, déi sech géint d'CPI riichten, inakzeptabel sinn.

Et geet elo drëms mat den USA hir Bedenken mat de *Etats Parties* vum *Statut de Rome* ze diskutéieren. Well déi annoncéierte amerikanesch Mossnahmen réischt a 6 Méint sollen ëmgesat ginn, bitt dëst ons eng kruzial Geleeënheet fir en Dialog, fir weider Schrëtt ze vermeiden, déi d'Onofhängegkeet an d'Integritéit vun der CPI kéinten beanträchtegen.

Mir mussen an der EU an matt onsen like-minded Partner nach weider verstäerkt den Dialog matt den USA féieren souwéi och den Engagement vun all den *Etats Parties* vum Statut de Rome sichen, fir datt et net zu enger Ofschwächung vum internationalen Strofgeriichtshaff an domat vum Internationalen Recht kennt.

***

D’Zesummenaarbecht tëscht der Europäescher Unioun an der NATO muss weider verdéift a gestäerkt ginn. Positiv ass, datt dëse Prozess schonn am Gaang ass.

Nieft den Engagementer vun onser Arméi an Rumänien an Litauen am Kader vun der *défense collective*, stellt och ons Bedeelegung un den EU Zivilmissiounen e wichtegt Element fir Stabilitéit a Sécherheet duer. Lëtzebuerg huet seng Participatioun an de leschte Jore verstäerkt, besonnesch mat engem Fokus op ons direkt Noperschaft, an Armenien, Moldawien a Georgien. Ech well dofir och der Police an dem HCPN merci soen fir déi gutt Zesummenaarbecht an dem Kader. Ech konnt mir selwer bei enger Visitt an Armenien ee Bild vun der Police hirer gudder Aarbecht maachen.

Ons Responsabilitéiten um internationalen Plang huelen mir seriö.

Lëtzebuerg setzt nach bis 2029 am Conseil exécutif vun der UNESCO. Ech sinn houfreg iwwert ons Walresultat d’lescht Joer. Ech deiten dëst als Zeechen vun Vertrauen vun den Memberstaate, Vertrauen an onsen Engagement fir Educatioun, Wëssenschaft an Kultur. Et war mir dofir och wichteg un der UNESCO Konferenz zu Samarkand am Usbekistan deelzehuelen.

Desweideren, huet Lëtzebuerg déi zwee lescht Joren am “Conseil des Gouverneurs” vun der Internationaler Atomenergie-Agence (IAEA) gesiess, an dat bis elo Enn September. Dat war eng Première fir onst Land a weist däitlech onse Wëllen, och ons Responsabilitéiten am Beräich vun der nuklearer Net-Verbreedung ze iwwerhuelen. Wéi wichteg des Aarbecht an esou multilateralen Gremien weiderhin ass, brauch ech Iech am Kontext vum Iran, net weider duerzeleeën. Onsen Ekippen zu Paräis an zu Wien soen ech merci fir hir gudd Aarbecht.

Kierzlech gouf ech vum Generalsekretär vun de Vereenten Natiounen noméiert, zesummen matt der sloweenescher Präsidentin an dem fréieren Präsident vun Botswana, fir een héichrangegen Grupp (“Panel à haut Niveau”) iwwer d'Fräiheet vum Transit fir Entwécklungslänner ouni Accès un

d'Mier, ze präsidéieren. Zil vun dësen Aarbechten ass et, dësen Länner duerch effizient, zouverlässeg an bezuelbar Transitsystemer een besseren Zougang op d'Weltmäert z'erméiglechen.

Dëst sinn just ee puer Beispiller.

Mir wëllen dësen breetgefächerten internationalen Engagement fir een staarken Multilateralismus och nach an den nächsten Joren weiderféieren, dëst och am Hibléck op ons Kandidatur fir een net permanenten Setz am Sécherheetsrot an den Joren 2031-32.

Staarken Multilateralismus heescht awer net nëmmen Asaz fir den Respekt vun den Mënscherechter an dem internationalen Fridden.

Een reegelbaséierte System am internationalen Handel ass och een wichtegen Bestanddeel fir wirtschaftlech fair Kompetitioun ze erméiglechen. Och den internationale System ënnert der Welthandelsorganisatioun gesäit sech enger staarker Fragmentatioun ausgesat. Dowéinst brauche mir méi Partnerschaften mat gläichgesënnten Länner.

***

Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert,

No dësem "Tour du Monde" well ech, wéi am Ufank ugekënnegt, op ons noosten Partnerschaften zréckkommen. An zwar ons Nopeschlänner, Belsch, Däitschland an Frankräich. An de Benelux. An natierlech och d'Europäesch Unioun.

An der Europäescher Unioun ass d'Unitéit ons gréissten Stäerkt, no bannen wéi no baussen. Leider gëtt dëst oft vergiess. An obwuel verschidden Dossieren konnten débloqueiert ginn, notamment no den Walen zu Budapest, ass des Unitéit net ëmmer ginn.

***

D’lescht Joer hu mir zu Lëtzebuerg e wichtege Gebuertsdag gefeiert, nämlech de 40. Gebuertsdag vum Schengener Ofkommes. Et war eng passend Geleeënheet, fir ons virun Aen ze féieren, wéi wichteg et ass, de Prinzip vun der Beweegungsfräiheet an Europa ze verdeedegen.

Dës Fräiheet ass och ee wichtege Pilier vun onsem Bannemaart, an domat ee wichtege Motor fir ons europäesch Kompetitivitéit. Si generéiert bedeitend wirtschaftlech Virdeeler, besonnesch am Beräich vum Handel a vum Tourismus.

Gläichzäiteg gëtt d’Resilienz vum Schengen-Raum duerch déi vill Erausfuerderungen, mat deenen Europa haut konfrontéiert ass, op d’Prouf gestallt. Datt op onse Grenze nach ëmmer Kontrollen duerchgefouert ginn, déi e negativen Impakt op d’Liewe vun onse Bierger a Frontalieren hunn, ass eng traureg Erënnerung datt de Schengen-Raum keng Selbstverständlechkeet ass.

Grad elo ass et dowéinst ëmsou méi wichteg, datt mir ons gemeinsam fir oppen Bannegrenzen asetzen. Zënter der Neesaféierung vun de Grenzkontrollen huet Lëtzebuerg sech ëmmer nees un d'Europäesch Kommissioun geriicht fir op déi negativ Auswierkunge vun dëse Mesuren hinzeweisen.

Sech fir de Schengen-Raum anzesetzen heescht och, eng vun de konkretste Grondlage vum europäesche Projet ze schützen. Ech wäert mech dofir och weiderhin fir e staarke an fräie Schengen-Raum asetzen, fir dëse fundamentalen Acquis vun der EU ze erhalen, deen den Alldag vu Millioune Biergerinnen a Bierger konkret verbessert.

***

Ee Bléck op déi europäesch Wirtschaft, an et ass kloer wat onse Kontinent esou wirtschaftlech staark mécht: onse Bannemaart. Dat ass ee vun de gréisste Konkurrenzvirdeeler déi mir hunn, an dobäi eng vun de gréisste Leeschtunge vun onser Unioun. D’Beweegungsfräiheet, besonnesch an de Beräicher vu Gidder a Servicer, awer och vu Kapital a Persounen, mécht et méiglech, datt Europa méi enk zesummewiisst.

Dowéinst musse mir alles dru setzen, fir dës Stäerkt, déi mir zanter Joerzéngte gemeinsam opgebaut hunn, weider auszebauen an de Potenzial vum Bannemaart nach besser ze notzen.

Dat ass ëmsou méi wichteg, well aner grouss a féierend Wirtschaften, wéi China an d'USA, aktuell eng méi héich Wuesstemsdynamik opweisen. De geopolitesche Kontext verstäerkt d'Drénglechkeet, ons wirtschaftlech Widderstandsfäegkeet ze stäerken an Europa méi kompetitiv ze maachen.

D'Stäerkung vun onsem Bannemaart geet dobäi Hand an Hand mat der duebeler grénger an digitaler Transitioun déi eng zentral Roll bei der Entwécklung vun den Industrien an den Entreprisen an der EU spillt. Bis 2050 soll Europa eng klimaneutral Wirtschaft hunn. Den Iwwergang dozou muss kompetitiv-frëndlech sinn an dozou bäidroen d'Energiekäschten, souwéi d'Präisschwankunge ze reduzéieren.

***

Natierlech bleift d'reglementaresch Vereinfachung eng vun den Haaptinitiativen, fir d'europäesch Kompetitivitéit ze stäerken an d'Fragmentatioun vum Bannemaart ze reduzéieren, andeems administrativ a regulatoresch Hürden an der EU ofgebaut ginn.

Lëtzebuerg bleift fest engagéiert fir een ambitiéise Vereinfachungsagenda, deen drop ofzielt, onnéideg administrativ Belaaschtunge fir Biergerinnen a Bierger souwéi fir ons Entreprisen, ze reduzéieren. Dat ganzt natierlech ouni déi urspréinglech Ziler vun de jeeweilege Legislatiounen ze schwächen. Vereinfachung däerf net mat Deregulariséierung gläichgestallt ginn.

Gläichzäiteg musse mir och systematesch dofir suergen, datt nei Legislatiounen schonn an hirer Ausaarbechtungsphas kloer, kohärent an einfach gestalt ginn, am Aklang mam Prinzip „simplicity by design".

***

Wat d'EU-Erweiderung ubelaangt, war dëst Joer esou vill Momentum a Schwong an den Diskussioune wéi scho laang net méi. Nach um Conseil européen vu Mëtt Oktober, stoung d'EU-Erweiderung als ee vun den Haaptpunkten um Agenda.

Fir unzefänken, muss Montenegro ganz besonnesch gelueft ginn: Mëttlerweil sinn 21 vun 33 Verhandlungs-Kapitelen mam Montenegro provisoresch ofgeschloss ginn. Souwuel bei der Europäescher Kommissioun wéi och op Säite vun de Memberstaaten a vun de Kandidatelänner selwer, gëtt äifreg weider geschafft fir de Prozess virunzebréngen.

De Montenegro huet gesinn: Wann e Kandidateland liwwert, da liwwert och d'EU. Den EU-Erweiderungsprozess ass a bleift nämlech op Merit baséiert, a Lëtzebuerg wäert sech och weiderhin dofir asetzen.

Bei der Ukrain a Moldawien, déi béid zënter 2022 Kandidatelänner sinn, bleift den Erweiderungsprozess op Merit baséiert, besonnesch wat d'Rechtsstaatlechkeet ubelaangt.

Béid Länner maache bemierkenswäert Efforten, fir déi néideg Reformen duerchzeféieren a sech op d'EU-Legislatioun, dem *acquis communautaire*, z'alignéieren. Mee déi aktuell Ëmstänn erliichteren dës kolossal Aufgab natierlech net.

Georgien: Presse- a Meenungsfräiheet. Serbien: Begriefnis vum Generol Ratko Mladić. Walen. Tierkei: LGBTIQ+. Oppositioun.

***

Déi international Uerdnung ass ëmmer méi onsécher a turbulent. Dofir ass d'Rechtsstaatlechkeet méi wéi jee e Kompass an e feste Grondsteen vun onser Demokratie a soll garantéieren, datt d'Muecht un d'Recht gebonnen ass.

Mir dierfen Réckschrëtter bei der Rechtsstaatlechkeet net als eng normal politesch Entwécklung akzeptéieren. Fir d'Europäesch Unioun ass d'Rechtsstaatlechkeet eng Viraussetzung fir Vertrauen an ons Institutiounen, fir e funktionéierende Bannemaart a fir eng Unioun, déi och a schwéieren

Zäiten handlungsfäeg bleift. Lëtzebuerg wäert sech och weiderhin dofir asetzen, zesumme mat onse Benelux-Partner an allen aneren, déi ons fundamental Prinzippie verdeedegen.

***

D'Verhandlungen iwwer den EU-Budget 2028–2034 (Multiannual Financial Framework, MFF) sinn elo an enger entscheedender Phas fir bis Enn 2026 e politeschen Accord tëscht dem Europäesche Parlament, dem Conseil ënnert der irescher Presidence an der Europäescher Kommissioun ze fannen.

Europa brauch déi néideg finanziell Mëttele fir seng Ambitiounen ëmzesetzen. Personal.

Bei de neien "ressources propres", kann et net sinn, dat mir disproportionéiert getraff ginn.

Lëtzebuerg setzt sech fir en ambitiéisen an ausgeglachenen EU-Budget fir d'Joren 2028 bis 2034 an, deen traditionell Beräicher wéi d'Landwirtschaft an d'Kohäsioun weider finanzéiert a gläichzäiteg nei Prioritéite wéi d'Kompetitivitéit an d'Sécherheet stäerkt

Dobäi gehéieren europäesch Solidaritéit an e verantwortungsvollen Ëmgang mat den ëffentleche Gelder zesummen. Ons gemeinsam Wäerter an den Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet bleiwen d'Grondlag vun onsem Engagement an den Negociatiounen.

***

Déi nächst lëtzebuergesch Presidence vum Conseil vun der EU am éischte Semester 2029 ass eng wichteg Aufgab fir onst Land. Och wann et bis dohinner nach gutt 2 Joer sinn, lafen d'Preparatiounen schonn aktiv. Engersäits am Ausseministère deen eng Koordinatiounsroll iwwerhëlt, awer och um Niveau vun der ganzer Regierung. Eng EU-Presidence ass ëmmer e wichtege Moment fir Lëtzebuerg.

***

Ons bilateral Relatioune mat de aneren Memberstaten, och iwwer de Kader vun der EU eraus, sinn vu grousser Wichtegkeet.

Si erlaben et, de politeschen Dialog ze verdéiwen, wirtschaftlech Partnerschaften ze stäerken an déi konkret Zesummenaarbecht a Beräicher wéi Kultur, Fuerschung, a Bildung weider auszebauen. Dës direkt Kontakter droen och dozou bäi, d'géigesäitegt Vertrauen ze stäerken, e bessert Versteesdemech fir déi jeeweileg Prioritéiten z'entwéckelen an domat och den europäesche Projet als Ganzt ze festegen.

Ech well Haut och d'Geleeënheet notze fir drun ze erënneren, dat an den nächsten Joren, nieft der d'Presidence vum Conseil vun der Europäescher Unioun, nach eng Rei vu Presidence virun ons stinn: 2027-2028 huet Lëtzebuerg d'Presidence vun der Groussregioun an 2028 déi vum Benelux. Des Presidence si fir ons wichteg, et ass fir Lëtzebuerg d'Geleeënheet ze beweisen datt mir den europäesche Geescht vun der Zesummenaarbecht héichhalen an dat et nëmmen mateneen geet.

Europa gëtt net nëmmen um EU Niveau gelieft. Fir Lëtzebuerg weist sech dëse Geescht vun der Zesummenaarbecht virun allem an onsen enke Relatioune mat onsen Nopeschlänner.

Koordinatioun a Kohärenz bléiwen dobäi weiderhin entscheedend. Duerch e reegelméissegen a konstruktiven Dialog, notamment am Kader vun der Gäichel mat der Belsch, der CIG mat Frankräich an dem enken Austausch mat Däitschland (Bund, Saarland a Rheinland-Pfalz), schaffe mir zesumme fir gemeinsam Erausfuerderungen unzegoen an nohalteg esou wéi zukunftsorientéiert Léisungen ze fannen.

Dës Zesummenaarbecht huet ganz konkret Auswierkungen op den Alldag vun de Mënschen. Méi wéi 234.000 Frontalieren kommen all Dag op Lëtzebuerg schaffen a leeschten e wichtege Bäitrag zu onsem Land.

Et ass dofir an onsem gemeinsamen Interessi, grenziwwerschreidend Hindernisser ofzebauen an den Alldag méi einfach ze maachen. Domat stäerke mir gläichzäiteg d'Attraktivitéit vun onsem Aarbechtsmaart an ons wirtschaftlech Zukunft.

Wa mir no vir kucken, da mussen nei Forme vun Zesummenaarbecht, Fortschrëtt an Innovatioun onse Kompass fir d'Zukunft bleiwen. Genee dës Dynamik, déi op Dialog an Pragmatismus géintiwwer neien Entwécklunge baut, ass eng Stäerkt vu Lëtzebuerg.

Loosst mech op dëser Plaz den Studenten, Grenzgänger an all de Leit Merci soen, déi zum Zesummeliewen an der Groussregioun bäidroen.

Haut sti mir virun neie Realitéiten. Amplaz vun enger eenzeger Kris hu mir et mat enger Rei vu gläichzäitegen Erausfuerderungen ze dinn: Klimawandel, Energieversuergung, Mobilitéit, wirtschaftlech Kompetitivitéit a Sécherheet, fir der nëmmen e puer ze nennen.

Doriwwer eraus wëll ech op bilateral Aarbechtsvisitten a d'Wirtschaftsmissiounen an onsen Nopeschregiounen hiweisen. Dës reegelméisseg Kontakter erlaben et, ons wirtschaftlech Relatiounen ze verdéiwen, gemeinsam Projeten unzestoussen an en direkten Dialog iwwert gemeinsam Opportunitéiten ze féieren.

D'Presidence vun der Groussregioun bitt ons d'Méiglechkeet, dëse Geescht vun Zesummenhalt a Solidaritéit weider ze verdéiwen an nei Impulser fir ons gemeinsam Zukunft ze setzen.

***

Ech hunn d'Grenzkontrollen schonn erwäänt. Reegelméisseg Concertatioun mat onsen Nopeschregiounen ass essentiel: Am Kontext vun den aktuellen Grenzkontrollen ass déi reegelméisseg Concertatioun (Récksprooch) mat onsen Nopeschregiounen aus der Groussregioun dohier néideg, zemools en vue vun onsem Aarbechtsmarché.

***

No onser erfollegräicher Presidence vum Benelux d'lescht Joer, hunn ons hollännesch Kolleegen dës dëst Joer iwwerholl.

2028 wäerte mir déi grouss Éier hunn, dass ons Presidencë vun der Groussregioun a vum Benelux coïncidéieren : dëst wäert een eemolege Moment si fir d'Zesummenaarbecht tëscht den dräi Benelux Länner an onsen Nopeschregioune weider ze fërderen, hir Visibilitéit ze verstäerken a gemeinsam Projeten op d'Been ze stellen.

***

D’Haaptpilieren vun onser Handelspolitik si Stabilitéit a eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat onse Partner.

Amerika ass ee vun onse Schlësselpartner, och am Handel. Och hunn ech den Turnberry Accord schonn ernimmt an och der EU hiren konstruktiven an Zil geriichten Dialog mat China.

Ugesiichts vum Wandel, deen de globalen Handel aktuell erlieft, huet Lëtzebuerg all Interêt dorunner, dass déi international Handelsorganisatioun an hiert Regelwierk och an Zukunft eng zentral Roll spillen. De Multilateralismus a reegelbaséierten Handel sinn onersetzbar.

Fir der Fragmentéierung vun der Weltwirtschaft entgéintzewierken, muss Europa méi Partnerschaften mat gläichgesënnte Länner opbauen.

An dësem Kontext sinn Fräihandelsofkommes essentiel. D’EU huet d’Verhandlunge mat Indonesien, Indien, Australien an den Philippinnen ofgeschloss a mécht Fortschrëtter mat Malaysien an den Arabesche Emirater.

Dës Ofkommes sinn och wichteg fir ons wirtschaftlech Sécherheet ze stäerken. An engem ëmmer méi komplexen geopolitesche Klima musse Risiken duerch Diversifikatioun reduzéiert ginn. Heiansdo mussen awer och méi defensive Instrumenter benotzt ginn fir Risiken anzedämmen. Hei ass et wichteg, dass esou Approchen geziilt a proportional bleiwen.

***

Tarifer, Blockaden, Inflatioun….An den leschten Méint stoung d’Weltwirtschaft staark am Fokus.

Wéi Dir wësst ass, d’lëtzebuerger Wirtschaft weiderhin eng vun den oppensten an internationaalsten weltwäit (Wirtschaftsoppenheet vun 361 % vun onsem PIB 2025). Dat heescht och datt onsen lëtzebuerger Aussehandel vun Gidder an Servicer méi ewéi 3.5 x (dräi een Halleft mol) onsen nationalem PIB duerstellt.

Matt 87%, stellen d'Servicer weiderhin den Moteur vum Wuesstum vun onsem Aussenhandel duer. De Gros dovun maachen nach ëmmer d'Finanzservicer aus (ongeféier 40% vum gesamten Handelsvolumen).

Loossen mir dofir net vergiessen datt fir Lëtzebuerg den Aussehandel net nëmmen e Wuesstumsfaktor ass, mee eng wesentlech Viraussetzung fir onse Wuelstand. Dofir ass et wichteg och d'Zuelen net aus den Aan ze verléieren. Wann mir ons Statistiken vum Handelsvolumen (321,3 Milliarden) kucken, gesinn mir weiderhin eng staark Konzentratioun op just eng Rei vun Partnerlänner. 10 vun deenen Länner maachen aleng bal 90 % vun onsem Aussenhandel vun den Gidder aus!

Des Zuelen ënnersträichen dofir engersäits d'Wichtegkeet vun Europa, mee och den weideren Besoin vun geographescher Diversifikatioun an Nordamerika, Asien, Südamerika an Afrika.

Mir sinn keng Insel, mee ofhängeg vun externen Faktoren. Duerfir mussen mir och an nächster Zukunft ons Interaktioun matt den globalen Akteuren verstäerken. Ons breet opstellen.

Zesummen mam Wirtschaftsministère, Finanzministère, mat der Luxinnovation an mat der Chambre de Commerce, an matt villen aneren Akteuren, déi ech oft als "Team Lëtzebuerg" bezeechnen, schaffen mir drun ons Handelsbezéiungen ze vergréisseren an weider ze diversifizéieren.

Duerch ons "Diplomatie économique" - an duerch ons Diplomatie insgesamt- schaffen mir drun ons Handelsbezéiungen , wéi och ons Bezéiungen insgesamt, ze vergréisseren an weider ze diversifizéieren. Mir verstäerken an bauen onsen diplomateschen Reseau aus mat engem staarken Fokus op d'wirtschaftlech Zesummenaarbecht an d'Promotioun vun onsen Entwécklungen heiheem. Dëst spigelt sech och rëm an den geplangten Generalkonsulater zu Austin, Mumbai, Hong Kong, Sao Paolo an den geplangten Ambassaden zu Pretoria an Nairobi.

Wéi mir dat konnten zesummen präsentéieren Ufanks des Jores, schaffen ech och mam Finanzminister drun d'Promotioun vun onser Finanzplaz nach weider um lokalen Plang zu stäerken. Dëst andeems mir Finanzexperten an eng Rei lëtzebuerger Missiounen op Schlësselplazen wäerten no an no detachéieren.

Mir ënnerstëtzten ons Betriber duerch Visitten, Missiounen, an Participatiounen un internationale Foiren. Ech selwer hunn 16 Auslandsvisitten an Missiounen gefouert säit menger leschter Interventioun zur Aussepolitik (an dës goungen uechtert Welt vun Noperen wéi Däitschland an Frankräich iwwert d'Philippinnen bis an d'USA).

Bei dësen Visitten stinn d'lëtzebuerger Betriber am Zentrum vun onser Opmierksamkeet, souwéi och onst Zil mei Investitiounen op Lëtzebuerg ze bréngen, di hëllefe wäerten ons Wirtschaft nohalteg ze gestalten an Aarbechtsplazen ze schafen.

De lëtzebuerger Pavillon zu Osaka huet, wéi schonns gesot, e groussen Succès kannt. An 2027 wäert ee Pavillon op der internationaler Foire zu Yokohama op Geschicht vun den lëtzebuerger Rousen agoen.

Mat der Ernennung vun der lëtzebuerger Kommissärin Paulette Lenert sinn mir och elo dobäi déi éischt Schrëtt ze maachen a Richtung lëtzebuerger Participatioun op der nächster Weltaustellung zu Riad, a Saudi-Arabien, 2030.

Promotioun vum Aussenhandel heescht och datt mir do sinn fir ons kleng an mëttelstänneg Betriber bei hiren Schrëtt op international Marchéen ënnerstëtzen (zB Exporthëllef vum COPEL, lëtzebuerger Pavillon 'en op Foiren, Wirtschaftsmissiounen an Visitten, Evenementer op Ambassaden).

An all dësen Bestriewungen, mussen mir ons kennen stäipen op een staarken multilaterale Kader duerch d'EU an d'Welthandelsorganisatioun. Grad esou wéi och een zolitten bilaterale Kader, wou

mir mat onsen “Accords aériens” an Doppelbesteierungsofkommen den Betriber hëllefen am Ausland ze bestoen.

Mir hunn an de leschten Méint eng Rei Table-rondë am MAE organiséiert fir dem agro-alimentairen Sekteur an der internationaler Promotioun ënnert d’Äerm ze gräifen an zousätzlech Ënnerstëtzung erméiglecht. Merci hei och un den Lex Delles an un d’Martine Hansen.

***

Onsen Network vergréisseren an d’Bild vun engem Land mat vill Kultur an kreativem Dynamismus ze vermëttelen, gehéiert och zu den Käraufgaben vun onsen Ambassaden an Konsulater. Kulturdiplomatie ass dofir en wichtegen Vecteur. Stéchwuert „soft power“: Relatiounen mam engem Land an enger Bevëlkerung ze verdéiwen heescht och zu engem besseren Verständnis fir ons Iddien, Wäerter an Kultur bäidroen. Ons Ambassaden an Konsulater kënnen dobäi hëllefen d’lëtzebuerger Kultur an senger ganzer Diversitéit international ze promouvéieren. Dat dräit och dozou bäi Lëtzebuerg dobaussen als attraktiven Standuert an kreativen Pole duerzestellen.

***

Aussenpolitik ass nët nëmmen op politesch oder wirtschaftlech Interessi beschränkt. Een efficacen konsulareschen Service gehéiert och dozou. Et ass en Service um Bierger. Zum Beispill wann mir Leit an ganz verschiddenen Noutsituatioune am Ausland hëllefen, esou gutt ewéi mir dat kënnen an wéi d’lokal Realitéiten et erlaben. Ech erënneren an dem Kontext drun, dass mir d’Bierger encouragéieren sech virun engem Auslandsopenthalt op der Plattform „Lëtzebuerger am Ausland“ (LAMA) anzeschreiwen.

D’konsularesch Aarbecht ass och eng administrativ Hëllef. Loosst mech e puer Zuelen nennen: Mir hunn ronn 46.000 Apostillen an Legalisatiounen ausgestallt. Mir rechnen dëst Joer mat 29.000 Visaen, do ass d’Zuel par rapport zum leschten Joer em 10% gefall, wat sech warscheinlech och duerch d’geopolitesch Situatioun erkläert. Par contre hunn mir elo schonn 10% méi Päss wéi nach d’lescht ausgestallt, an do wäerten mir dëst Joer op iwwer 60.000 kommen. Dat erkläert sech ënner anerem duerch d’Zuel vun Lëtzebuerger déi och am Ausland staark wiisst, mee och well vill Leit

den neien Pass, deen mir am Mee erausbruecht hunn, wollten kréien. Dësen Pass ass elo 10 Joer gülteg an ass an um neisten Stand vun der Technik. Ech weess dass dat mat sech bruecht huet, dass verschidden *e-gates* am Ausland, déi nach net ganz *up-to-date* mat den neien internationalen Normen sinn, ons nei Päss nët ëmmer direkt liesen konnten. Mee ech betounen: dat ass just transitoresch, bei enger physescher Kontroll ginn ons nei Päss ëmmer akzeptéiert, an all ausgestallten Pass ass ëmmer fir all Zort vu Rees an all Land vun der Welt benotzbar. An ech ënnersträichen: Den lëtzebuerger Pass ass weltwäit een vun den modernsten an séchersten Reesdokumenter. Et ass och een vun „stäerksten“ Päss weltwäit am Sënn vun den Dieren déi dat Dokument den Lëtzebuerger opmécht: Onsen Pass erlaabt et a méi wéi 170 Länner ze reesen ouni komplizéiert Formalitéiten, domat leien mir am weltwäiten Verglach ënnert den 4-5 attraktiivsten Päss iwwerhaapt.

Dass mir onsen Bierger am Ausland zur Säit stinn, dat hunn mir Enn Februar - Ufank Mäerz gewisen, andeems mir alles drun gesat hunn fir onsen Bierger bäizestoen wéi et an der Golfrégioun geféierlech gouf. Eng enk Zesummenaarbecht tëscht allen Acteuren, kuerz Weeër, séier Entscheedungen hunn Lëtzebuerg erlaabt, fir an kuerzer Zäit 550 Leit aus den Emiraten heem ze kréien. Mir brauchen ons mam Resultat wierklech net ze verstoppen, och am internationalen Verglach. Mir hunn onsen europäeschen Partner déi normalerweis d'Lëtzebuerger mat eraushuelen, besonnesch den Belsch, gewisen dass mir ons Responsabilitéiten huelen an och hir Bierger mat onsen eegenen Moyenen eraushuelen. Ech wollt dofir op dëser Plaz onser Ambassade zu Abu Dhabi an allen bedeelegten an mengem eegenen Haus mee och alleguer onsen kruzial wichtegen aneren Partner fir dësen kollektiven Effort merci soen: besonnesch der Transport- an Défenseministesch Yuriko Backes an hiren Servicer, den Equippen der Luxair, dem CGDIS, den europäeschen an besonnesch onsen belschen Partner an der Krisegestioun, der EU Kommissioun, ouni d'Autoritéiten an den Emiraten an dem Oman ze vergiessen.

Am Oman huet onsen Honorarkonsul och kruzial Aarbecht geleescht. Dat bréngt mech drop, d'Wichtegkeet déi Honorarkonsulen kënnen hunn ervirzehiewen – am wirtschaftlechen Beräich an am Networking, mee eben och an aussergewéinlechen Ëmstänn wou ons Bierger Bäistand

brauchen. Esou ewéi schonn 2025, ass nees d'nächst Joer 2027 virgesinn fir all ons Honorarkonsulen op Lëtzebuerg z'invitéieren.

Am konsulareschen Beräich wëll ech och déi grouss Defien an Opportunitéiten vun der lëtzebuerger Diaspora ervirhiewen. D'Zuelen klammen weiderhin, an bréngen en groussen Opwand fir ons Konsulater mat sech. 2024 hat ech iech vun 28,5% vun allen Lëtzebuerger geschwat déi am Ausland liewen, 2025 vun 30%, elo am Joer 2026 wäerten mir op 31% kommen. Mir schwätzen hei am ganzen vun iwwer 165.000 Leit. Mir sinn zum Beispill bei iwwer 34.000 Lëtzebuerger an Brasilien an 23.000 an den USA ukomm, Tendenz staark steigend. Nationalitéitegesetz an och Walrecht ënnerleien net dem Ausseministère. Mee et sinn Themen wou een net kann den Kapp an den Sand stiechen.

Eng Diaspora hunn, dat bid och Opportunitéiten déi den Ausseministère am gaangen ass besser ze identifizéieren an ze exploitéieren, esou wéi am Koalitiounsaccord virgesinn. Et leien grouss Chancen fir ons an dem immens groussen Interessi fir Lëtzebuerg vun deenen zéngdausenden Leit besonnesch um amerikaneschen Kontinent, an dat obwuel vill vun hinnen keen aneren Lien mat onsem Land hunn ewéi en Virfaren den am 19.Joerhonnert ausgewandert ass. Den Uklang dee Lëtzebuerg bei deenen Leit fënnt, verbënnt Lëtzebuerg mat deene Länner wou se wunnen, en bidd grouss Méiglechkeeten vun Networking am kulturellen an wirtschaftlechen Beräich, an dréit och zu enger positiver Image Projektioun vun onsem Land op aneren Kontinenter bäi.

***

Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert,

Main Uleies war et fir Iech een Bild ze vermëttelen vun der Bandbreet vum Ministère:

Dat mir onsen Bierger am Ausland konsularesch zur Säit stinn am Ausland.
Dat mir matt onsen Wirtschaftsmissiounen an Präsenz op Foiren Dieren opmaachen och am Hibléck op Diversifikatioun matt neien wirtschaftlechen Partner.
Dat mir ons weider engagéieren fir oppen Bannegrenzen an Kompetitivitéit am Bannemaart.

Dat mir ons engagéieren fir een multilateralen reegelbaséierten System, deen esou wichteg ass fir ons oppen an international Wirtschaft.

Dat mir ons fir diplomatesch Léisungen asetzen, fir den Respekt vun Mënscherechter an vum internationalen Recht asetzen, fir een staarken Multilateralismus. Ons Wäerter verteidegen.

Wat elo den Ausbléck op d'nächst Joer ugeet, kann ech iech just soen datt den internationale Kontext wäert och weider komplizéiert bleiwen. datt d'Erausfuerderungen an Tensiounen um internationalen Plang wäerten bleiwen, an d'Onsécherheet an groussen Regiounen vun der Welt och. Et ass en internationaalt Ëmfeld matt wéineg Previsibilitéit.

Des global Erausfuerderungen, wéi d'wirtschaftlech Auswierkungen vun geopoliteschen Spannungsfelder, hänken enk zesummen. Des nei Realitéiten op déi ech agaangen sinn bedeiten dat mir ons och weiderhin mussen global méi breet opstellen, bilateral ewéi multilateral.
Een verstäerkten Dialog an Zesummewierken mat alen an neie vertrauenswürdege Partner ronderëm d'Welt ass eng Noutwendegkeet.

Dofir och weiderhin eng engagéiert Politik an der EU, am Benelux, matt onsen Nopeschlänner an der Groussrégioun.
Dofir och weiderhin onsen Asaz fir een staarken Multilateralismus an Verdeedegung vun onse Wäerter.
Dofir och weiderhin eng Diplomatie vum aktiven Dialog an Zesummewierken matt Drëttlänner.
Dofir och weiderhin en staarken Fokus op Wirtschaftsvisitten an Missiounen am Ausland.
Dofir bleift ons Fundament an deem wat mir maachen, ëmmer ons Wäerter.

D'Missioun fir existéierend Partnerschaften an Vertrauensrelatiounen ze stäerken an dernieft nei essentiel Partnerschaften opzebauen, wäert ech am Interêt vum Land an sengen Bierger um politeschen, wirtschaftlechen an mënschlechem Plang ëmzesetzen.
Dëst läit mir um Häerz.